Statuten 01.04.2011

Artikel 1

De Veräin heescht " Schanzer Fëscherfrënn ", séng Dauer ass onbegrenzt.

Artikel 2

De Sëtz ass: Veräinsbau op der Schanz, L-6225 Op der Schanz
Postadress: Weyland Néckel, 7, Heeschbregerwee L-6225 Op der Schanz

Artikel 3

Den Zweck vun dësem Klub ass: Fräizäitfëschen an alle Formen (sou wäit wéi déi saarlännesch Fëschereigesetzgebung ët zouléisst), a gesellecht a komerodschaftlecht Zesummensinn.

Artikel 4

De Joresbäitrag ass spéitstens all 1. Abrëll ze bezuelen. Ët muss ëmmer minimum 1 ganzt Joer am Viraus bezuelt sinn. Hëlleft een nët op d'mannst 2 mol am lafenden Joër bei enger vun eisen Botzactiounen oder Fester, gët mam Permis een zousätzleche Betrag verrechent. Bei neien Memberen gët en zousätzlechen eemolegen Beitrag beim Antrëtt verrechent. Dës Beträg sinn am clubinternen Reglement festgehalen, a kënnen vum Komitee vun den Schanzer Fëscherfrënn mat Awëllegung vum Virstand vum ASV Nennig geaennert ginn.

Artikel 5

Zuel vun de Memberen gët vun béiden Comitéën, den SFF an ASV festgeluegt an ass no uewen limitéiert. Keen därf séng festgeluegten Memberzuel iwwerschreiden. Déi 4 op Liefzäiten gewielten Komiteesmember bezuelen hiir Cotisatioun wéi all déi aner Memberen, zielen awer net an der Lëscht vun den limitéierten Memberen.

Artikel 6

De Komitee besteet aus maximum 12 Memberen an gët fir eng Dauer vun 4 Joer gewielt. Déi 4 Member déi am längsten derbäi sinn, sinn op Liefzäiten gewielt. D'Halschent vun deenen aner Memberen sinn, wann se hir Kandidatur stellen, no zwee Joer rëmwielbar fir eng Dauer vun 4 Joer. Déi aaner Memberen sinn, wann se hir Kandidatur stellen, no 4 Joer neiwielbar fir eng Dauer vun 4 Joer. Esou entsteet e Roulement wou all zwee Joer d'Halschecht vun deene wielbare Member fir 4 Joer rëm-oder neigewielt ginn. D'Wahlen ginn an der Generalversammlung ofgehal. De President, Sekretär an Keessier ginn an der éischter Komiteesëtzung no der Generalversammlung vum Komitee gewielt.

Artikel 7

Trëtt e Member aus, esou huet een aus der Famill (1.Grad) d'Recht fir d'Plaz anzehuelen, ass awer keen Interessen do, gët vum Komitee oofgestëmmt op een neien Member ugeholl gët.

Artikel 8

Ännerungen vun de Statuten kënnen nëmmen duerch eng Majoritéit vun eise Member viirgeholl ginn.
(Eng Stëmm méi ewéi d'Halschend)

Artikel 9

De Veräin ass a bleift neutral an trëtt kengem Verband bäi.

Artikel 10

Den Asaz vun de Fësch gët all Joer vum Komitee vun de Schanzer Fëscherfrënn zesummen mam Virstand vum ASV. festgeluecht.

Artikel 11

Fir e gutt Fonctionnement ze garantéieren, gët vum Komitee een Clubinternt Reglement opgestalt.

Artikel 12

Verstéisst e Member géint d'Statuten oder d'Clubinternt Reglement, kann de Komitee den Austrëtt beschléissen.

Artikel 13

Gët de Veräin opgeléist, verfällt d'Kees un d'Geméng wou dës Statuten leien.

Dës emgeännert Statuten trieden den 01.04.2011 a Kraaft an annuléieren an ersetzen déi bis zu dësem Datum gëlteg Statuten.

Op der Schanz, den 01.04.2011

President
Weyland Néckel